



N°1458
Entrée le 04.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.11.2024
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/11/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Verschiede Vëlospisten hei am Land sinn nach net duerchgängeg befuerbar an et feelen op verschiddene Plazen gesécherter Vëlosweeër. Des Weideren gëtt mer vu Vëlosfuerer zougedroen, dass plazeweis d'Weeër net propper sinn an Rutschgefor besteet, well d'Weeër net propper sinn.

Am Gesetz vum 28 Abrëll 2015 relative au réseau cyclable national et aux raccordements de ce réseau vers les réseaux cyclables communaux ass am Artikel 6 festgehalten, dass d'Gemengen fir den Entretien zoustänneg sinn. Falls dat net gemaach gëtt, kann de Staat et maachen an dat der Gemeng a Rechnung stellen.

An deem Zesammenhang wëilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi oft huet de Staat enger Gemeng den Entretien vun engem Vëloswee a Rechnung gestallt (opgelëscht no Joer)?
2. Wéi ginn d'Vëlospisten op hir Fuertauglechkeet a Sécherheet kontrolléiert a vu wem?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 1458 vum 11. November 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen.

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert den Entretien vun de Vëlospisten.

Den Entretien vun den nationale Vëlospisten ass iwwer d'Artikelen 6bis, 6ter a 6quater am modifizéierte Vëlospistegesetz vum 28. Abrëll 2015 geregelt (loi modifiée du 28 avril 2015 relative au réseau cyclable national). Allgemeng gëtt an dësen Artikelen tëscht dem lafenden an dem konstruktiven Ënnerhalt ënnerscheet, woubäi de lafenden Ënnerhalt vun de Gemengen an de konstruktiven Ënnerhalt vun der Stroossebauverwaltung assuréiert gëtt.

An den Artikelen 6bis a 6quater sinn awer och Ausnamen virgesinn. Wann de Vëlostinéraire bannent der Uertschaft op enger Gemengestrooss verleeft, da fält de konstruktiven Ënnerhalt an d'Kompetenz vun der Gemeng. Op de Vëloexpressweeër wäert de lafenden Ënnerhalt an d'Kompetenz vun der Stroossebauverwaltung falen.

Ënnert dem lafenden Ënnerhalt fält ënner anerem d'Botze vun der Pist, den Equipementer an de Kanalisatiounen, awer och d'Schneide vun de Beem an den Äscht, souwéi de Wanterdénsgsch.

Zum konstruktiven Ënnerhalt zielt ënner anerem d'Flécke vu Rëss, d'Schlësse vu Fouen, den Ënnerhalt vun de Säitesträifen, respektiv d'Erneiere vum ganze Belag.

No deene mir virleienden Informatiounen goufe vum Staat nach keng Rechnungen an dësem Sënn un eng Gemeng ausgestellt.

D'Sécherheet an déi allgemeng Fuertauglechkeet vun de Vëlospiste ginn no änleche Krittäre wéi beim Stroossereseau vun der Stroossebauverwaltung kontrolléiert.

Wann awer Vëlofuerer*innen ee spezifesche Problem um nationale Reseau observéieren, da kënnen si deen – idealerweis mat enger Foto an enger méiglechst präzisier Lokaliséierung – per Email un, pistescyclables@pch.etat.lu signaliséieren. Jee no Kompetenzberäich, esouwéi uewe beschriwwen, gi meng Servicer d'Informatioun dann entweder direkt un déi zoustänneg Gemeng weider, oder ënnerhuele selwer déi néideg Mesurën, fir de Schued esou séier wéi méiglech ze behiessen. 2023 sinn 42 där Meldunge vu Benotzer*innen erakomm a fir dëst Joer bis elo 25.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes